

Rapport Referees Commission 02 Mee 2017

Uwiesend: Ney, Geib, Keiffer, Simonelli, Schmitt

Entschellegt: Karier, Nesser, Weber, Scheuren, Pascalicchio

1. Adoptioun vum Rapport vum 21.03.2017

De Rapport ass approvéeiert. (Le rapport est approuvé)

2. Fiche réunion technique (F. Keiffer)

Des Fiche soll als Basis fir d'Reunion technique virun de Matcher an der Nationaldivisioun Hären an Dammen gëllen. D'Delegéiert sollen des Fiche mat den Arbitter ausfëllen, an e Rapport un d'Federatioun maachen wann eppes zu beanstanden ass. (*Cette fiche constitue la base pour la réunion technique avant les matchs de la division nationale hommes et dames. Les remarques seront déclarés à la fédération.*)

3. Projet "Arbitrage" mat anere Verbänn

De Projet huet 2 Haaptsujets: Respekt an Recrutement. Firgesin as e Flyer, e Spot fir d'Televisioun an en Verbandsiwergreifenden Arbitterdaag. E Budget dofir as beschwaat gin, a fir all Verband an engem akzeptablen Rahmen. Next Versammlung as den 23.5. (*Ce projet se repose sur 2 piliers principaux: le respect et le recrutement. Des Flyers, un spot et une journée arbitrale sera organisée. Un budget a été voté. Prochaine réunion prévue le 23.5*)

4. Situatioun Arbitrage am Play-off Sales-Lentz League Hommes

Entsat weist sech d'Refcom iwwert déi deelweis respektlos Behandlung vun hiren Arbitter. D'Refcom mécht drop opmierksam, dass all Member vum Corps Arbitral d'Recht drop huet matt Respekt behandelt ze ginn, op nieft oder op dem Terrain. An dat vu Spiller, Veräinsresponsabelen, Ex-Arbitter/Ex-Delegéiert oder Vertrieder vun der Presse. D'Refcom weist drop hin, dass och 2 Veräinsvertrieder Member an der Refcom sinn, an sie näischt ze verstoppen huet. Desweideren deelt d'Refcom mat, dass nächst Saison d'Besetzungskommissioun aus folgende Léit besteet: Georges Geib, Paul Nesser a Claude Weinzierl. De Verbandssekretär Christian Schmitt wäert sech aus Neutralitéitsgrënn aus der Besetzungskommissioun an als Delegéierten zeréckzéien a just am absoluten Noutfall zur Verfügung stoen. An der nächster Saison solle méi Videoanalyse mam Corps Arbitral gemaach ginn. An Ausnahmefäll, an op Ufro, kann och eng detailléiert Analyse vun engem eenzele Match zesumme mat engem Vertrieder vun den 2 Equippen, den Arbitter an dem Delegéierte vun deem Match gemaach ginn. Aus Zäitgrënn ass dat awer just an Ausnahmefäll méiglech, a muss vun de Veräiner ënnerstëtzt ginn. (*La Refcom est déçue de la façon dont les membres du corps arbitral ont été traités les dernières semaines par des joueurs, responsables clubs, anciens arbitres/délégués et représentants de la presse. A partir de la saison prochaine le groupe „désignations matchs“ sera composé de Georges Geib, Paul Nesser et Claude Weinzierl. Le secrétaire Christian Schmitt de la FLH se retire de ce*

groupe et de ça fonction comme délégué. La Refcom informe que 2 membres de la commission arbitrale viennent des clubs et qu'elle n'a rien à caché. On prévoit plus de formations „séances vidéos“ la saison prochaine.)

5. Statistik Unzuel Arbitter an de leschten 5 Joer

2011/2012	54 Arbitter	1.740 Matcher
2012/2013	61	1.745
2013/2014	63	1.700
2014/2015	69	1.915
2015/2016	60	1.700
2016/2017	50!!!	1.488 bis haut...

Remarque: Vun de 50 Arbitter déi ageschriwwen sinn, sinn der am Abrëll/Mai 2017 nach ganzer **40** disponibel. De **Punkt 7** as also imminent wichtig, soss mussen an Zukunft vill méi Matcher an d'Woch geluecht ginn!

6. Bilan Formatioun Jeunes Arbitres um Youth-Cup

De Patrick Simonelli zitt e positiven Bilan vum Youth Cup. Folgend Arbitter waren am Asaz: Bierchen/Keiffer, Costa Brito/Morim Simoes, Weber/Weinquin, El Deib/Bechthold, Radoncic/Radoncic, Schmidt/Volz a Karel/Trickotvic aus Éisträich. D'Federatioun huet d'Käschten fir d'Iwwernuechtung vun Karel/Trickotvic iwwerholl. An deem Rahmen ass fir nächst Saison och en Austausch mat enger Lëtzebuerger Koppel an Éisträich geplangt. (*Patrick Simonelli tire un bilan positif concernant les formations proposées au Youth Cup. Concernant la participation d'un couple autrichien, la FLH a prévu un échange avec des arbitres luxembourgeois pour la saison prochaine.*)

7. C-Formatioun Arbitter am Juli

Rappel : De Patrick Simonelli organiséiert e Cours fir den C-Schäin Arbitter vum 7.-9. Juli um INS. Ziel ass, dass all Veräin aktiv hëlleft Spiller ze rekrutéieren, déi vläicht keng Top-Carrière virun sech hunn oder schonns Fin-carrière sinn. E Rappel geet un d'Veräiner per Email eraus. (Un cours "C" pour les arbitres sera organisé du 7 au 9 juillet. Un rappel sera envoyé aux clubs.)

BIS ELO AS KENG UMELDUNG ERAKOMM !

8. Test Luc Léger an Regeltest fir d'Saison 2017-2018

Tester fir nächst Saison si folgendermoosse virgesinn :

09.07.2017 09h00 am Gymnase Coque

16.09.2017 09h30 um INS

All Arbitter muss den Regeltest bestoen ! Arbitter déi Pilier 9,5 oder besser lafen, brauche keen 2. Test an der Saison ze maachen. Arbitter déi 95 % oder besser am

Regeltest hunn, brauche keen 2. Test an der Saison ze maachen. (*Tous les arbitres doivent réussir le test sur le règlement. Si vous courez pilier 9,5 au test Luc Léger ou mieux et si vous avez un taux de réussite de 95% ou plus, un 2^e test avant le playoff est inutile.*)

9. Iessen Corps-arbitral « Clôture de la saison »

All Member vum Corps Arbitral ass ageluede mat Anhang op engem Ofschlossiessen de 24. Mee ab 19h30 deel ze huelen. Mellt iech un iwer Facebook. Héi fannt dir och alles waat dir wëssen musst. Jiddereen bezilt säin Iesse selwer.

(Tous les membres du corps-arbitral sont invités à participer au dîner de fin de saison le 24 mai à 19h30. Veuillez vous inscrire au site des arbitres sur facebook. Les frais sont à charge des arbitres.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 06. Juni um 18:15.